adr

ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 19. Oktober 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Kulturminister souwéi den Här Mëttelstands- an Tourismusminister weiderzeleeden.

D'Kasematten an der Stad si säit iwwer engem Joer zou. En offiziellen Datum, wéini si rëm opginn, ass zurzäit net bekannt. Bei de Kasematte handelt et sech em eng vun deene wichtegsten touristeschen Attraktioune vun der Stad an dem Lëtzebuerger Land. Entspriechend negativ wierkt dës Decisioun sech op d'Betriber aus deem Beräich aus, déi schonn duerch déi rezent COVID-Pandemie héich Aboussen hu missen erleiden, notamment den HORECA-Secteur.

An deem Zesummenhang géife mir der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Wéi ass déi Decisioun motivéiert, d'Kasematte sou laang zou ze loossen? Spille sécherheetstechnesch Bedenken eng Roll? Wa jo, wéi eng?
2) Kann d'Regierung elaboréieren, wéi en Afloss déi rezent COVID-Pandemie op dës Decisioun hat?
3) Wéi een Datum gëtt aktuell envisagéiert, fir d'Kasematte rëm opzemaachen?
4) Gesäit d'Regierung et am Kader vun der Politik vum "Nation Branding" als opportun, den ëffentlechen Zougang zu sou engem wichtegen a representative Kulturgutt vun eisem Land iwwert sou e laangen Zäitraum ze spären?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten

Roy Reding
Deputéierten